ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 7. August 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister weiderzeleeden.

Wéinst rezenten tragesche Virfäll op Garen, stellt sech verstäerkt nees d'Fro vun der Sécherheet vun de Passagéier, besonnesch op de Quaien. De Risiko besteet natierlech ëmmer, datt eng Persoun riskéiert, virun en Zuch ze falen, respektiv fräiwëlleg virun en Zuch ze sprangen oder vun enger drëtter Persoun virun en Zuch gestouss gëtt. A Japan, mee och am Londoner Metro gëtt et dowéinst zum Beispill eng transparent Barrière tëschent dem Quai an de Gleise mat Dieren, déi eréischt opginn, wann den Zuch un d'Stoe koum. Dowéinst wollt ech den Här Transportministerdës Froe stellen:

1. Ass den Här Minister der Meenung, datt d'Quaie missten ofgeséchert ginn, vergläichbar mat deene Moossnamen, déi an anere Länner geholl ginn, fir d'Sécherheet vun de Passagéier ze verbesseren?
2. Kéint esou e System och zu Lëtzebuerg ageféiert ginn?
3. Wéi héich wär de Käschtepunkt?
4. Wéi géingen d'Käschten tëschent der CFL an eventuell dem Staat opgedeelt ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742